LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, an dem Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N°4471 vum 15. Juli 2026 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gusty Graas iwwert de Wiessel vu Beamtinnen a Beamten tëschent dem Staats- a Gemengesecteur**

1. **Kënnen d'Häre Ministere bestätegen, datt et hei nach Ënnerscheeder ginn?**

D'Mobilitéit tëscht dem Staats- a Gemengesecteur gëtt duerch verschidde gesetzlech Bestëmmunge vereinfacht. Dës hunn zum Zil, de Wiessel vun engem Secteur an deen aneren ze erméiglechen, ouni datt déi betraffe Beamtinnen a Beamten hir accumuléiert Déngschtzäiten oder déi domat verbonne Pensiounsrechter verléieren.

Gläichzäiteg ass festzehalen, datt de Staatsdéngscht an de Gemengesecteur deelweis op ënnerschiddlech gesetzlech Grondlagen, Statutten a Gehaltssystemer berouen. Dowéinst kënnen a verschiddene Beräicher Ënnerscheeder bestoen, beispillsweis wat d'Konditioune fir e Changement de groupe de traitement oder d'Froen am Zesummenhang mat bestëmmte Primen an Indemnitéiten ugeet.

Dës Ënnerscheeder sinn awer net d'Folleg vun enger ënnerschiddlecher Interpretatioun vun den Texter. Si kommen direkt aus de jeeweileg uwennbare gesetzleche Bestëmmungen oder aus de Spezifizitéite vun der ausgeüübter Funktioun. Esou gëtt et souwuel beim Staat ewéi och bei de Gemenge verschidde Funktiounen, déi am Stage eng spezifesch Formatioun suivéieren an et dofir net méiglech ass aus engem anere Sous-groupe de Traitement op esou eng Funktioun ze wiesselen. Wat d'Pensiounsrechter ugeet, ginn déi accumuléiert Déngscht- a Cotisatiounszäiten am Kader vun de gesetzleche Pensiounsregime berücksichtegt. Ob eng Prime oder eng Indemnitéit bei der Berechnung vun der Pensioun mat aberechent gëtt, hänkt vun hirer gesetzlecher Grondlag of. Net all Bestanddeel vun der Remuneratioun ass pensionéierbar. Entscheedend ass deemno net eleng, ob eng Persoun beim Staat oder bei enger Gemeng am Déngscht ass, mee och déi juristesch Natur vum jeeweilege Remuneratiounsbestanddeel.

De Ministere sinn aktuell keng generell Interpretatiounsdifferenze bekannt, déi systematesch zu Verloschter vu Carrière- oder Pensiounsrechter bei engem Wiessel tëscht dem Staats- an dem Gemengesecteur féieren. A verschiddenen Eenzelfäll kënne sech awer Froen erginn, déi eng individuell juristesch Analys erfuerderen.

2. **Wann dat de Fall ass, ass et virgesinn, fir déi besteeënd Texter unzepassen, fir esou dës Nodeeler ze behiewen?**

Sollten strukturell Inkohärenzen oder net objektiv gerechtfäerdegt Ënnerscheeder festgestallt ginn, gëtt gepréift, ob legislativ oder reglementaresch Upassungen néideg an ubruecht sinn.

**3. Kënnen eventuell Upassunge fir déi betraffe Beamte réckwierkend gemaach ginn, wann si duerch dës onkloer Situatiounen Nodeeler haten?**

Vu eis Äntwert op d'Fro 2, stellt sech dës Fro net.

Lëtzebuerg, de 25.08.2026

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes